

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2021

Här President,


Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un déi Häre Ministere fir Mobilitéit a Wäibau weiderzeleeden.

Eisen Informatioun no kréien d'Passagéier op de Flich vun der Luxair amplaz vu Lëtzebuenger Crémant neierdénge e „Quality White Sparkling Wine“ aus franséischer Produktioun mam Numm „Cuvée Spéciale Luxair“ zerwéiert.

An deem Kontext erlabe mir eis, folgend Froen un déi Häre Ministere fir Mobilitéit a Wäibau ze stellen:

- Kënnen déi Häre Ministere confirméieren, dass op de Luxair-Flich kee Lëtzebuenger Crémant méi zerwéiert gëtt?
- Wa jo, wat sinn d'Grënn vun dëser Decisioun zu Ongonschte vum Lëtzebuenger Wäibau?
- No wéi enge Critèren ass deen neie Produit erausgesicht ginn?
- A wéi engem Mooss sollen nach aner Lëtzebuenger Produiten, déi op Luxair-Flich zerwéiert ginn, duerch auslännescher ersat ginn?
- Wëssend, dass d'Luxair e wichtege Vecteur bei der Promotioun vu Lëtzebuenger Produiten ass, wéi eng Alternativen huet d'Regierung virgesinn, fir de Verloscht opzefänken?


Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.



Octavie Modert
Deputéiert



Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert



Léon Gloden
Deputéierten